N°5511
Reçue le 17.01.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 17.01.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/01/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.

De 15ten Januar ass den 3G landeswäit op der Aarbechtsplaz agefouert ginn. Domat muss elo och d'Schoulpersonal, dat säin Impf- respektiv Genesenenzertifiakt net fräiwëlleg virgeluecht huet, all Dag säin Zertifikat oder een Zertifikat vun engem negativen Test virweisen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ginn an de Schoule Lëschte gefouert, op deenen och déi Leit stinn, déi keen Zertifikat virweise wollten oder konnten, respektiv wou dës Leit speziell markéiert sinn?
2. Ob wéi enger legaler Basis géingen dës Date weiderginn an traitéiert ginn?
3. Gëtt d'Kontroll vum 3G an de Schoule ausschliesslech vum Personal aus der jeeweileger Schoul duerchgefouert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 5511 vum honorabelen Här Deputéierte Sven Clement

Am Kontext vun der Aféierung vum sougenannten "3G-Regime" op der Aarbechtsplaz kann ech dem honorabelen Deputéierte versécheren, datt d'Lycéeën an d'Regionaldirektiounen ugewise gi sinn, keng Lëschten ze féieren, op deenen déi Leit stinn, déi kee Certificat kënnen oder wëlle virleeën, datt se geimpft oder nees gesond sinn.

Sollt den honorabelen Deputéierte Kenntnis vun esou Fäll hunn, bieden ech hien, mir dëst matzedeelen, sou datt meng Servicer deene Fäll kënnen nogoen.

D'Kontroll vum "3G-Regime" gëtt ausschliisslech vum Personal aus dem jeeweilege Lycée oder der zoustänneger Regionaldirektioun respektiv de Schoulen duerchgefouert.

Lëtzebuerg, den 22. Februar 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH